Poiré Félix
15, rue du Grunewald
Senningerberg
Tel: 34510

Senningerberg, den 14.12.82

Monsieur!

Dir müßt mech entschëlegen daß ech Iech mât dessem Bréf iwerfâlen.

An dém Schreiwes wât ech Iech hei schekken kennt Dir Iech iwert mein Liewensläf iwerzégen. Ech geng mech gär verteidegen op dât Wuert „Refusée!" Mé wé ech gesin, hun ech keng Meglechkët. Et kennt mech fir, wé wann mir erom bei de Preisen wären, do kounnt ên sech och net verteidegen. Firwât hun ech démols mein Liewen op t'Spill gesât. fir esó eng Äntwert ze kré'en?

Ech well Iech dofir hefflechst fro'en wât Dir dofunner hâlt, an wär ganz froh vun Iech eng Äntwert ze kré'en.

Mett beschten Gréss

a villmols merçi am viraus

Poiré

Poiré Félix,
15, rue du Grunewald
Senningerberg

Senningerberg, den 24. November 1982.

copie

Op wât fir eng Mannéer ech an den R.A.D. komm sinn!

Am Joer 1941 krut ech eng Kârt vun de Preisen gescheckt, dass ech mech bei hinnen mellen soll. Wo' dât war, wés ech haut nött me'.

Ech hu mech nött dofir interesse'ert a wollt nött goen, mé durch den Afloss vun menger Mamm, de' Angscht virun de Preisen hât, sinn ech dunn awer gâng. Dohin wo' ech geruff war ginn, frét de Preiss mech, op ech an den R.A.D wellt goen. Meng Aentwert war NEEN. De' Kârt de' ech gescheckt kritt hun, huet de Preiss vu mir verlângt, ech hun him se gin, an dun konnt ech goen. Hätt ech de' Kârt nött ofgin, wär ech haut vleicht nött an dem fre'wellegen Arbeitsdienst-fall. Ech hunn neischt ennerschriwwen, a sin nömmen durch eng nidderträchtleg Manne'er an den Arbeitsdient komm. We' dun Wéhrmacht agefo'ert gin ass, hunn ech mir gesôt "du bass é Môl ûgeschmiert gin, du gés nött me' ". Dorop hin sinn ech verhafft gin a soutz 6 Wochen am Prisong.

Firwât kennen mir ons nött verteidegen?
Et gett einfach refuse'ert.

ECH WAR NÖTT FRE!WELLEG!!

20.12.1982

Monsieur Poiré Felix
15 rue du Grunewald
SENNINGERBERG

Werte Frend,

Ech soen dir merci fir dei Bréif vum 14.12.82. Du bast net dén énzegen an déngem Fall an ech kennen ähnlecher déi esouguer nach méi tragesch sin. Nodém d'Preisen op hir niederträchteg Manéier jonk Kärelen, déi oft an kriteschen Situatiounen waren, an den RAD kruten, ér hei zu Lëtzebuerg den Obligatoreschen agefouert war, hun dono sie an der Wehrmacht aktive Widderstand geléscht, si verhaft gin, kondamnéiert, an der Strofkompagnie geland a schliesslech als schwéier mutiléiert hém kom. Fir den Office des Dommages de Guerre ziellt als Zwangsrekrutéierung an den RAD nemmen déi Périod déi no der obligatorescher Aféierung vum RAD zu Lëtzebuerg stattfond huet.

Esouweit ech wés, ass bis elo nach keng Ausnahm gemach gin, wat awer net héscht dass a bestemmte Fäll de Minister dest ka machen a mecht. Wanns du also drop bestehst, schreif e Breif un de Minister vun de Finanzen (Jacques Santer), woueranner du dei Fall explizéierst an déi entspriechend Ennerlagen beifügst.

Méi kann ech dir am Moment net soen, wenschen der vill Gléck aschécken dir ubei deng Ennerlagen mat zeréck.

Mat ménge beschte Gréiss

Jos Weirich
präsident